Mérite Jeunesse G.-D. de Luxembourg

Proud to be THE DUKE OF EDINBURGH'S INTERNATIONAL AWARD In Luxembourg

15 Konditiounen fir de Volet Expeditioun

1. All Expeditioun brauch ee kloert **Ziel**.
2. All Participant muss déi **néideg Preparatioun** (Atelieren+Training) matgemaach hunn iert hien/hatt op eng Expeditioun geet.
3. All Participant muss **op all Niveau minimum een Dag Praxis** (Training dobaussen) matgemaach hunn.
4. De Grupp deen op eng Expeditioun geet (egal wéi eng Zort), soll aus **4-7 Jonker** bestoen.
5. **All Participant** aus der Grupp muss beim **Plangen a** bei der **Preparatioun** souwuel vum Training ewéi och vun der eigentlecher Expeditioun (Finale) aktiv gewiescht sinn.
6. All Expeditioun muss **vun engem Erwuessenen** mat der néideger Erfahrung **encadréiert** ginn.
7. All Expeditioun muss um Land oder um Waasser stattfannen an all Participant soll deem **néidegen Effort fir déi gewielten Zort vun Expeditioun** gewuess sinn.
8. D'**Iwwernuechtung** muss an engem Zelt oder enger ganz simpeler Ënnerkunft ewéi zum Beispill enger Hütt oder enger Herberg stattfannen.
9. D'**Ëmgéigend** soll nei sinn fir d'Participanten.
10. D'Distanz déi zréckgeluecht gëtt, hänkt vum Terrain, de Wiederkonditiounen an der Fitness vun all Participant of. De Grupp muss awer ee **Minimum** vun 6 Stonnen (Bronze), 7 Stonnen (Selwer) oder 8 Stonnen (Gold) **pro Dag aktiv sinn**.
11. Bei enger **Exploratioun** soll sech mindestens 2/3 vun der Zäit mam gewielten Thema beschäftegt ginn.
12. Bei enger **Expeditioun** solle mindestens 2/3 vun der Zäit an d' Fortbeweegen investéiert ginn.
13. All Participant muss dat néidegt Equipement an Iessen dobäi hunn fir **eegestänneg** d'Expeditiounsdeeg ze verbréngen.
14. All Dag muss mindestens eng **vollwäerteg Moolzecht** gekacht ginn.
15. No der Expeditioun muss de Grupp (entweder zesummen oder jiddereen eenzel) dem Responsabelen vun der Expeditioun een **Rapport** ofginn.